



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6006 vum 31. Mäerz 2022 vum Här Deputéierten Max Hahn.

Wéi wäit sinn d'Aarbechten un den zwou genannte Busspueren?

De Projet vun enger variabler Busspuer ob der N7 am Eecherbiérg huet sech als net realiséierbar erweisen a gouf dowéinst am Groupe de pilotage „Couloirs bus“ vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten am September 2021 net zeréckbehalen. Hei soll elo eng classesch Busspuer geplangt ginn. D'Machbarkeetsstudien hunn op dëser Plaz och rezent ugefaangen.

Wat d'variabel Busspuer ob der N11 tëschent dem Waldhaff a Jonglënster ubelaangt, ass de Projet vun der Busspuer an dräi Sektioneën ennerdeelt ginn:

1. Ëmgestaltung vun der Kräizung N11/CR126 um Waldhaff

D'Etüd fir Ëmgestaltung vun der Kräizung N11/CR126 ass ofgeschloss. De Projet gesäit eng median Busspuer um Waldhaff mat Prioriséierung fir de Bus duerch eng Liichtsignalanlag vir. Des Weideren ass eng Beschleunegungsspuer op der N11 a Richtung Lëtzebuerg vum CR126 aus kommend am Projet integréiert.

Déi néideg Autorisatiounen zur Realisatioun vun dësem Projet stinn awer nach aus well de globalen Impakt op d'Natura 2000 Zon vum Gréngewald wéinst dëser Sektioon vum Projet nach muss studéiert ginn.

2. Sektioon Echangeur Waldhaff bis Kräizung N11/CR126 um Waldhaff

D'Etüd fir den detailléierte Virprojet vun der Sektioon Echangeur Waldhaff bis op d'Kräizung N11/CR126 mat der Lénksofbéierspuer fir de Bus op déi südlech Opfaart vun der A7 ass gutt fortgeschrott. Zesumme mat der Waasserverwaltung gouf en Entwässerungsprinzip an de Waasserschutzzonen opgestallt, wat an de Projet afléisse konnt. Folgend kennen och deemnächst d'Demande fir d'Autorisatiounen un d'Waasserverwaltung an un d'Naturverwaltung gestallt ginn. Den Dossier vun der Liichtsignalanlag gëtt aktuell nach studéiert.

3. Sektioon Kräizung N11/CR126 um Waldhaff bis an d'Entrée vu Gonnereng

D'Etüde fir d'Ausschaffe vun engem detailléierte Virprojet si lancéiert.

Kann den Här Minister Detailler zur konkreter Ëmsetzung ginn?

Déi geplangte median bidirektional Busspuer tëschent Gonnereng an dem Echangeur Waldhaff op der N11 beleeft sech op eng Gesamtlängt vu ronn 5,75 Kilometer. Op bal der ganzer Längt vum Projet verleeft d’N11 duerch d’Habitatzon Natura 2000 vum Gréngewald an zum Deel duerch Quellschutzzone vum Anzuchsgebitt vun der Stad Lëtzebuerg.

Fir déi geplangte median Busspuer ze realiséiere muss d’N11 lokal ëm eng Spuer verbreet ginn, wouduerch op deene Plazen den Rampli muss nei befestegt an d’Entwässerung sécher gestallt ginn. Fir den Impakt op de Flächeverbrauch vum Gréngewald zu minimiséiere gëtt e verstärkte Remblais mat „terre armée“ hiergestallt wat et méiglech mécht de neie Rampli esou kuerz wéi méiglech ze halen an ze begréngen. Déi néideg Entwässerungsmoosname wéi oppe Grief a Réckhaltebecke gi mat dem Waasserverwaltung an der Planungsphase vum Projet ofgeklärt.

Fir d’Busspuer median bidirektional op der N11 ze bedriewen (moies a Richtung Echangeur Waldhaff an owes a Richtung Gonnereng) brauch et eng dynamesch Gestiou vum de Spueren, an d’Buschaufferen an d’Automobiliste müssen entspreichend Informatiounen duerch ee System vun enger „Ouverture de voie“ an déi aktuell Richtung vun der Busspuer matgedeelt kréien.

Dozou ginn a reegelméissegem Ofstänn Portiquë mat Liichtsignaler amenagéiert, déi a Funktioun vun der Verkéierssituatioun vum Centre de Contrôle du trafic (CITA) ugesteiert ginn.

Bis wéini kéinten déi zwou Busspuere fir den Trafic opgoen?

Am Hibleck op de Fait, dass nach net all déi néideg Autorisatiounen virleien, ass et mir net méiglech ee genaue Datum betreffend der Fäerdegstellung vum genannte Projet op der N11 ze nennen.

Op wéi engem anere Plaze sinn änlech Projeten ugeduecht?

De Groupe de Pilotage „Couloirs bus“ vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten definéiert, notament am Kontext vum Plan National de Mobilité 2035, d’Besoinen un d’Infrastruktur an d’Mesuren déi Fluiditéit an d’Effizienz vum Busverkéier erhéije kéinten. Zu dëse Mesure gehéiert den Amenagement, wéi hei vum honorabelen Deputéierte beschriwwen. Esou een Amenagement ass awer bis ewell nach op kenger anerer Plaz konkret virgesinn.

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch